N°8006
Entrée le 19.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„An der Press war rezent ze liesen, datt d'Geneemegunge fir de Bau vun enger Wandmillen op Ettelbrécker Territoire no bei der Uertschaft Bierden an der Gemeng Ierpeldeng-Sauer souwuel vum Buergermeeschter vun der Stad Ettelbréck wéi och vum Ëmweltministère erdeelt gi sinn.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wat sinn déi genee Krittären no deenen d'Entscheedung vum Ëmweltministère an dësem Kontext geholl gouf?*
- *Wat fir Krittäre schwätze speziell fir de Site no bei Bierden? Wéi grouss ass d'Distanz par rapport zum Duerf Waarken an der Gemeng Ettelbréck?*
- *Wat hunn d'Analysen a punkto Infraschall, Vulleschutz a Schiedfelder erginn?*
- *Ween huet dës Analysen duerchgefouert? Ginn d'Avise just vun engem Expert duerchgefouert oder ginn och aner Experten ëm hiren Avis gefrot fir eng zweet oder drëtt Meenung ze kréien?*
- *Ass den Ëmweltministère bereet fir d'Gespréich mat de Leit vu Bierden an och vu Waarken ze sichen?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten